

Noruff op de Camille Gira, een couragéierten Alliéierten vun deenen déi dobaussen am Bësch an um Flouer keng Stëmm hunn

*Stop all the clocks, cut off the telephone,
Prevent the dog from barking with a juicy bone,
Silence the pianos and with muffled drum
Bring out the coffin, let the mourners come.*

*Let aeroplanes circle moaning overhead
Scribbling on the sky the message 'He is Dead'.
Put crepe bows round the white necks of the public doves,
Let the traffic policemen wear black cotton gloves.*

Vläicht kann den W.H. Auden et am beschten ausdrécken.

Dëst Gefill an des déif traureg Wourecht.

Camille, als en eenzegaarteg groussen Mënsch hues du däin Asaz bewisen bis an däin Doud.

Fir deng wonnerbar Fra, deng Jongen, deng Famill , deng Frënn ass et en ondenkbaren Verloscht.

Mee och fir déi dobaussen, déi op Mënschen wéi dech batter ugewisen sinn, fir iwwerhaapt eemol eng Chance ze kréien fir ze liewen, ze iwwerliewen:

d'Déieren am Bësch, hiren intelligenten Stellvertrieder, de Fuuss, deen eréischt säit dengem onermiddlechen Asaz e würdegt Liewen dierf féieren ouni Hetz an bluddeg Verfolgung, déi ganz Natur, de Bësch an dat wat vun eiser natierlecher Landschaft nach iwwreg ass.
Du waars en éierlechen Nolauschterer, kloer staarken Visionär an couragéierten Mann vun der Dot .

Ech hunn iwwer 25 Joer dierfen op dech als eenzegem zielen, deen sech als Politiker mee och iwwerzeegten Vertrieder vun engem Rechtsstaat och fir déi agesat huet, déi net wielen ginn, well s du se wouer geholl hues mat hirem Urecht op en würdegt Liewen.

An Zäiten wou all aner nach de Kapp gerëselt hunn an hirer Onfäegkeet eng ethesch Evolutioun ze verstoen an Saachverhältnisser éierlech an onverzerrt ze erkennen, hues de nogelauschtert , wann vun den Déieren hiren Rechter am Bësch geschwat gouf.

Du waars jidderengem e Schrëtt viraus .

An du hues dech net gescheit, Solidaritéit ze weisen mat Mënschen, déi sech fir eng Cause asetzen.

Ouni Kompromëss.

Elo ass et un eis all net ze versoen wa mir däin Ierwen untrieden.

Äddi Camille.

An grousser Dankbarkeet.
Nadine Sulzenbacher
ALPA asbl